ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Ekonomieminister an den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

Am Artikel "*Elektroautos bald wieder Rarität? Wichtige Rohstoffe werden knapp*", deen den 21. Dezember 2021 um Zitt vun Auto24 publizéiert an den 1. Juli aktualiséiert gouf, heescht et, datt et an den nächste Joren nees zu Liwwerschwieregkeete bei Elektroautoe kéint kommen, well wichteg Rohstoffer, notamment sielen Äerde kënne knapp ginn, déi am Ablack iwwerwigend an der Volleksrepublik China ofgebaut ginn.

An deem Zesummenhang géife mir der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Sinn der Regierung déi beschriwwe potenziell Knappheete bekannt?
2) Kann d'Regierung matdeelen, wéi si am Beräich vun der Elektromobilitéit zukünfteg eng national politesch an ekonomesch Ofhängegkeet vun eenzele grousse Staate verhënnere wëll?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Fred Keup
Deputéierten